

Léif Deputéierten,

Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schëffen- a Gemengerot,

Geschätzte Vertrieder vun de Resistenzorganisatiounen,

Léif Delegéiert vun de Gewerkschaften,

Wäert Dammen an Hären vun Arcelor/Mittal,

Frënd Jos Steichen, Zäitzeien aus dem sowjetesche Krichsgefaangenelager vun Tambow,

Dir Dammen an Dir Hären,

Léiw Frënn,

E grouse Merci un Iech alleguer fir Är Präsenz, fir haut op den 31. August mat eis zesummen un dëser Cérémonie commémorative ze participéieren. Den 31. August ass a bleift e wichtegen Datum an der Geschicht vun eisem Land, eiser Heemecht, a vrun allem vun eiser Gemeng.

En Datum mat Symbolcharakter ronderëm de Wäert an d'Noutwendegkeet vu Solidaritéit, Gerechtegkeet an Toleranz an eiser fräier Gesellschaft. Dëse Commémoratiounsdag huet à juste titre zënter Joren am Kalenner vun der Schëfflenger Gemeng, vun eise Resistenzorganisatiounen, vun eise lokale Veräiner a vu ville Leit eng fest Plaz!

Mir erënneren eis haut mat Dankbarkeet un déi, déi hiert Liewe verluer hunn, déi deportéiert goufen, déi enroléiert gi sinn, déi drangsaléiert, geschloen a gedemüteg goufen. U Leit, déi alles versicht a gemeet hunn, dass mer haut an engem klengen, fräie Land liewe kënnen.

Déi Leit, deene mer haut gedenken, verdéngen eisen déiwe Respekt a mer sollten all zesumme versichen, dee Respekt och un déi Generatiounen no eis, eis Kanner a Kandskanner, virun ze vermëttelen, fir datt esou eppes ni méi virkënnt.

Den 31. August ass a bleift fir Schëffleng en Dag vu grousser Trauer, vu batterer Erënnerung, allerdéngs och vun Oproch.

Gläichermoossen wëlle mir haut all zesummen, onmëssverständlech a mat Nodrock zum Ausdrock bréngen, dass mer, iwwert d'Bedeutung vum Dag selwer ewech, all Form vu Haass, Rassismus, Gläichgëltegkeet a Gewalt, ob physisch, psychesch oder materiell, an och hier Glorifikatioun op dat Schäerfst veruerteelen.

Mat enger gewësser Suerg observéieren vill vun eis d'Entwécklungen vun der politescher Szen, a musse mat Schrecken feststellen, datt politesch Kräften, déi de rietsextremen Iddeeën applaudéiert, eng eigentlech grouss Akzeptanz fannen.

Et ass de Verfall vun der politescher Kultur, wa Populismus an Haass als Mëttel fir Politik toleréiert gëtt. Dat zielt iwwregens fir all Form vun Extremismus oder Xenophobie. Politik mat Anstand a Stil ass eppes anescht, a brauch dat och net!

Et ass néanmois oder ëmmer nees eng Erausforderung fir d'Stabilitéit an d'Grondwäerter vun eiser Demokratie ze festegen an héich ze halen! Ouni Versteesdemech, ouni Respekt, ouni Mateneen, ouni Brécken ze schloen, ouni Partnerschaft, ouni Solidaritéit an ouni géigesäiteg Hëllef gëtt et keng Fräiheet, fonctionnéiert eist Zesummeliewe net!

Och dat – dës Wäerter, dës Wellen an dës Astellungen – charakteriséieren eisen Commemoratiounsdeeg. Grad dowéinst mussen mir och alles maachen, dass dës Erënnungsmomenter ëmmer nees op e Neits ofgehale ginn.

Firwat ass dat wichteg? Et geet ëm d'Identitéit an ëm d'Versteesdemech, et geet tout court ëm d'Experienz an d'Léieren aus der Geschicht. An et ass wéinst eisem Respekt vis-à-vis vun allen, déi gelidden, verfollegt oder dout gemaach gi sinn, onofhängeg, wivill Mënschen dat waren, a wéi bedeitend si waren. Dofir vun Häerzen e Merci un Iech, un Är Präsenz.

D'Geschicht vun der Schëfflenger Gemeng ass onzweifelhaft enk mat de Schicksalsjoeren vum Zweete Weltkriech verbonden. Et handelt sech ëm eng däischter Zäit, déi mat vill Leed fir d'Schëfflenger Famillen verbonden an duerch Deportatioun an den Enrôlement forcé markéiert war.

Vill Tréinen a Blut si gefloss. D'Lëtzebuerger an domadder och vill Schëfflenger hunn e grujelegen Calvaire erlieft. Enn August 1942 huet de Gauleiter Simon "d'Wehrpflicht" zu Lëtzebuerg proklaméiert. Mat engem Streik op der Schëfflenger Schmelz hunn sech d'Aarbechter gewiert.

Dëse „Generalstreik“ vum 31. August 1942 ass e wichtigen Punkt an der Geschicht vun eisem Land, an der Memoire vun eiser Gemeng, och wann d'Historiker nach net all Elementer a Konsequenzen ofkläre konnten.

De Generalstreik gehéiert – salopp gesot - zum moralesche Patrimoine vun eiser Gemeng.

Den 31. August 1942, haut viru 76 Joer, hunn Schëfflenger Jongen, d'Aarbechter op eiser Schmelz sech géint eng friem – jo vum Däiwel gedriwwen - Diktatur opgeworf. Mir kommen elo grad vun der Schmelz, wou mer hinnen nach eng Kéier besonnesch geduecht hunn. Si hunn hier Aarbecht néiergeluecht, obscho si genee woussten, wat si géife riskéieren.

No dem Motto "Léiwer dout, wéi net fräi" hu si domat virun der ganzer Welt gewisen, wat si vun deene gehal hunn, déi an eisem Land mat Waffegewalt eis Populatioun ënnerdréckt a versklaavt hunn, eis Jugend an eng friem Uniform forcéiert hunn, all Aneschtendenken agespaart, verschleeft an ëmbruecht hunn, a ganz Familljen ausernee gerappt an deportéiert hunn.

Den 30. August 1942 huet de Gauleiter Simon a sengem "Verordnungsblatt" héich offiziell matgedeelt, dass d'Lëtzebuerger Jongen vun de Joergäng 1920 bis 1924 op besonnesche Stellungsbeefel vum Adolf Hitler géifen an déi däitsch Wehrmacht agezu ginn.

Dat war een ongeheiere Schlag an d'Gesicht vum ganze Lëtzebuurger Vollek. Dat wollt sech dësen Affront awer net bidde loossen an huet scho gläich deem Dag drop solidaresch mat engem Streikopruff geäntwert. Eis Leit op der Schmelz hunn sech gewiert, op hier Manéier!

Si hunn domat, vläicht onbewosst, e Signal ginn, dat deemools an der ganzer Welt verstane ginn ass, a wat haut nach lieweg ass. Zesumme mat villen anere Patrioten a Défenseurs vun der Fräiheet, besonnesch deene ville Märtyrer vu Wolz, sinn si et déi e Kapitel an eiser Geschicht geschriwwen hunn, dat kee vun eis Lëtzebuurger vergiesse soll. Duerfir gehéieren hier Nimm och an eis Geschichtsbicher an op eng Éiereplaz.

De Streik war den Nazien natierlech en Dar am A: Den zivillen Ausnamezoustand gouf deklariert, d'Streikaktioun gouf am Keim erstéckt an 21 Männer si kalbiddeg higericht ginn, vill Anerer, déi um Streik deelgeholl hunn, sinn vum Standgericht ofgeuerteelt, an a Prisonge a Kazetter verschleeft ginn.

Dat alles a nach vill aner Momenter, oft schrecklecher, verbanne mir mat der däitscher / der preisescher Occupatioun. Léiwe Här Jos Steichen, ech hunn haut mat vill Opmierksamkeet am Wort gelies, welleche Märtyrium Dir mat gemaach hutt. Vun dem Wee an de Prisong, iwwer d'Ausbildungsmomenter bei der Wehrmacht, de couragéierte Iwwerlaf bei d'Russen, den 200 km laangen schroe Foussmarsch, d'Zäit am Tambower Lager an d'Hoffnung op de Wee zréck an d'Heemecht. Et ass erstaunlech, impressionnant, an och traureg. Är Geschicht ass eng vu villen. Jidder Eenzelen, deen ënnert dem Naziregimm, dem Krich gelidden huet, kéint eis a soll eis als Zeien déngen.

An haut gedenke mir zu Recht, zesumme mat den Delegéierten vun den Krichsaffer- a Resistenzorganisatiounen op der Fräiheitsplaz dësen Victimmen a mir soe Merci fir hire Courage, am feste Wëllen d'Erënnerung un dës prägend Evenementer an och Eenzelschicksaler waakreg ze halen. Dat alles aus Respekt vis-à-vis vun der Ligue vun de politesche Prisonéier an Deportéierten LPPD an der Enrôlés de Force.

Et ginn allerdéngs nach weider Elementer, déi mat dëser däischerer Zäit vum Krich zesammenhänken a riskéieren aus der kollektiver Erënnerung ze verschwannen.

De Schëfflenger Historiker Jérôme Courtoy huet – am Optrag a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng - mat der Eingemeindung vu Schëffleng un Esch ee vun dësen Aspekter beliicht an eng kleng Dokumentatioun doriwwer geschriwwen.

Vun dëser Plaz aus dem Jérôme Courtoy e grouse Merci fir dësen interessanten historeschen Abléck an e weidert Kapitel vun eiser kommunaler Geschicht. Fir déi kommend Generatiounen ass et wichteg all Aspekter vum Zweete Weltkrich ze beliichten a fir de Publique zougänglech ze maachen. (dofir och eis Félicitatioun fir den Tageblatt-Interview.)

Weiderhi soll un d'Schlësselmomenter vun der Besatzung an hir Schrecken erënnert gi, esou dass dës Evenementer sech net méi widderhuelen. Gläichzäiteg sollen se eis drun erënneren, dass dës fragile Fridden, dee mir quasi säit Enn vum Krich kennen, keng Selbstverständlechkeet ass, ... an dass et op der Welt nach ëmmer vill Misär a Krich gött!

Bal 75 Joer kennen mir elo Zäite vu Fridden a Wuelstand, déi eis europäesch Unioun liewen léisst an zesammenhält. Natierlech schéngt net iwverall all Dag d'Sonn a mir sinn gefuerdert alles ze ënnerhuelen, datt Ongläichheeten an Ongerechtegkeeten innerhalb der Unioun an op anere Kontinenter ofgebaut ginn. De Gruet tëschent Aarm a Räich ass a bleift eng Suerg, e Problem, dee net verkannt dierf ginn. De soziale Fridden an de gerecht verdeelte Wuelstand sinn d'Basis vum echten Zesummeliewen.

Solidaritéit, géigesäiteg Hëllef, Partnerschaften iwver d'Grenzen eraus, Toleranz an d'Garantie op e mënschewierdegt Liewen, nohalteg Politik, verbonnen mat dem Respekt vun de Mënscherechter dierfen keen eidel Wieder sinn. Do si mir gefuerdert, jidder Eenzelen, net eleng d'Politik, ...

Den Richard von Weizäcker sot emol ... Zu eiser europäescher Kultur gehéiert och een Don, eng Responsabilitéit vun de Staarke zu de Schwaachen, also net einfach nëmmen duerch eng vertikal sozial Verflechtung vum Staat, nee vrun allem och duerch eng géigesäiteg solidaresch Hëllef vun an duerch d'Bierger ënnerteneen. Eng Astellung, déi eis Gesellschaft méi mënschlech, méi gerecht a méi sozial mécht!

No dësem philosopheschen Ausfluch a Gedanken iwver eist gesellschaftlech Zesummeliewen, zréck zur Broschür. Déi kleng Broschüre gi mir lech gäre mat heem. Bliedert net just nëmme dran, et ass eng wäertvoll historesch Rekonstruktioun vun engem Deelaspekt iwver d'Geschicht vun der Schëfflenger Gemeng.

Et ass eng interessant Lecture, déi zumindest mech, virwëtzig gemaach huet, eis Lokalgeschicht nach besser kennenzelieren, jo besser verstoen ze léieren. Vläch och ze hannerfroen, wat war wierklech, a wéi ass alles verlaf ... MERCI dem Jérôme fir déi detailléiert Recherchen an déi wierklech léierräich an opklärend Brochur.

Ech ginn him elo gären d'Wuert, well hien war net nëmme responsabel fir d'Zesummestellung vun der Broschür, mee och fir déi Ausstellung hei an der Salle Grand Duc Jean. Mir profitieren net nëmme vu sengem historesche Wëssen, nee mir profitieren och vu senger Aarbecht am Escher Resistenzmusée, déi am Opdrag vun der Wolzer Gemeng dës Ausstellung realiséiert huet. Si ass fir eis Gemeng erweidert ginn.

Mir dierfen also elo gespaant op dem Jérôme Courtoy seng Präsentatiounswieder lauschten. Iech Merci fir Är Opmierksamkeit.